1. **Wéi gesäit Är Partei d'Zukunft vum Handwierk hei zu Lëtzebuerg, am Bezuch op déi aktuell Entwécklung am Land?**

LSAP

Fir d'LSAP gëtt d'Handwierk och an Zukunft méi wéi je gebraucht. Ouni d'Handwierk bleiwt d'Wirtschaft stoen an d'Logementskris wier net ze packen.

FOKUS.

De Privatsecteur bild aus, de Staat stellt an – de Staat därf net weider a Konkurrenz zum Privatsecteur stoen. Et ass also wichteg, datt och de Staat Léierbouwen/meedercher ausbild an d'Handwierker a béide Secteuren déi selwecht Chance kréien. Selwecht Chancen, dest bezitt sech och op Felder déi mam Statut zesummenhänken. Zum Besipill dann, wann een ee Prêt fir e Logement maache muss. Mir fuerderen, dass de Staat och dofir suergt, dass een deen am Privatsecteur schafft d'selwecht bei enger Bank behandelt gëtt, wéi een deen beim Staat agestallt ass. Hei muss de Staat zousätzlech Garantië gi, fir dass deen een wéi deen aneren zu sengem Prêt kënnt.

2. **Generell besteet bei den Handwierker eng Pénurie am Beräich vun de Léierbouwen/Meedercher, wat proposéiert Är Partei konkret fir dësem Mangel dergéint ze wierken?**

LSAP

D'LSAP schwätzt sech fir d'Aféiere vu kombinéierte Formatiounen vum Typ "technicien artisanat" oder "technique générale artisanat" aus mat enger Dauer vu véier Joer, respektiv dräi Joer am Fall vun enger Verlängerung vum Cycle inférieur, deen souwuel en DAP wéi och en DT- oder ESG-Diplom erméiglecht. Esou géinge méi Schüler·innen, déi en DT oder en ESG maache kéinte, sech fir en DAP entscheeden, wëssend datt si herno och je no deem d'Méiglechkeet hunn studéieren ze goen.

FOKUS wëll eng besser Orientéierung an de Schoulen an eng besser Ennerstëtzung fir all déi Schüler, déi sech dofir décidéieren eng Ausbildung an engem Handwierk ze maachen, fir esou der Pénurie un Handwierker entgéintzewierken. Et ass absolut noutwenneg, datt d'Orientéierung op 5ème verbessert gëtt, genausou wéi d'Formatioun, déi ënnert villen Reformen gelidden huet. Et gëllt och, d'Handwierk am klengsten Alter ze promouvéieren a Jonker a Kontakt mam Handwierk ze bréngen.

3. **Wéi gesitt Dir de Stellewäert vum Handwierk hei zu Lëtzebuerg?**

D'Handwierk huet eng Schlësselpositioun an der Lëtzebuerger Wirtschaft. Handwierk fërdert d'lokal Produktioun an erfëllt eng wichteg Roll an der Kreeslafwirtschaft. D'Handwierk gëtt ënner anerem och gebraucht, fir dass d'energetesch Transitioun gelénge kann a fir dass de Wunnengsbau virugeet.

Ouni d'Handwierk kreien mir déi grouss Erausfuederungen déi op d'Land waarden net gemeeschtert: am Logement, an der Energietransitioun, an allgemeng beim Bewältege vun den Konsequenzen vum Wuesstum.

4. **Wat géif Är Partei vu Mesure virschloen, fir nees méi Leit an d'Handwierk ze kréien?**

Fir d'LSAP ass kloer, datt eng Opwäertung vun der Beruffsausbildung noutwendeg ass. An deem Sënn ass d'Opwäertung vun den Diplomer an entspriechend och der finanzieller Remuneratioun eng Pist. Déi fundamental Erausfuerderung besteet allerdéngs doran d'Valorisatioun vun den Handwierksberuffer an der Gesellschaft ze verbesseren. Fir d'LSAP spille Projeten wéi Hallo Handwierk, déi d'Kanner vu klengem un mat de verschiddene Handwierksberuffer familiariséieren, eng zentral Roll fir d'Beruffsausbildung opzewäerten a méi attraktiv ze gestalten. Ausserdeem wëll

d'LSAP dofir suergen, datt Schüler·innen, déi sech fir eng Beruffsausbildung entscheeden, Perspektiven gewise kréien. Dofir solle Jonker, déi d'Méiglechkeet gehat hätten, eng Première oder en DT ze maachen, den Accès zu Héichschoulstudien kréien, wa si sech fir en DAP entscheeden.

FOKUS.

Heifir ginn et vill Pisten. Vun enger grouss ugeluechter Kampagne fir d'Handwierk, iwwer den Kontakt mam Handwierk an de Schoulen (Fondamental), eng Orientéierung an d'Handwierkerausbildung déi net „par exclusion" leeft (am Geigendeel-fir eis soll och kloer sinn, dass eng Handwierkerausbildung eng gesond a serieux Liewensastellung vun de Schüler beneidegt) an eng allgemeng Opwärtung vum Beruff.

5. **An eise Nopeschlänner hunn d'Regierungen Initiativen ergraff fir Leit aus dem Ausland ze rekrutéieren. Kéint Dir Iech fir Lëtzebuerg am Beräich vum Handwierk och esou Mesure virzestellen?**

LSAP

Fir d'LSAP ass et an éischter Linn eng Prioritéit dat vollt Potential vun der Aarbechtskraaft hei am Land auszeschöpfen. An deem Sënn erméiglecht dat neit Gesetz, dat de 19. Juli an der Chamber gestëmmt ginn ass (PL 8227) eng Rei Ouverturen. Notamment Persounen, déi duerch de Regroupement familial en Openthaltsrecht zu Lëtzebuerg hunn, kréien eng Aarbechtserlabnis an d'Prozedur fir Persounen aus Drëttstaaten ze rekrutéieren ass vereinfacht ginn.

FOKUS.

Wann zu Lëtzebuerg net méi genuch Handwierker ausgebild ginn, komme mer net ronderëm, och auslännech Handwierker ze rekrutéieren. Mir wëllen awer ennerstreichen, dass et elo fir eis prioritär muss drëm goen, hei am Land d'Hiewelen an Bewegung ze setzen, fir d'Handwierk opzewäerten.

6. **Sidd Dir als Partei bereet fir de gesetzlechen qualifizéierten Mindestloun no uewen unzepassen, fir de Beruff vun Handwierker méi attraktiv ze maachen?**

Jo, d'LSAP steet fir eng Erhéijung vum Mindestloun.

FOKUS wëll eng reforméiert Steiertabell aféieren, déi reegelméisseg un d'Inflatioun ugepasst gëtt. Mir wëllen, datt déi niddreg Akommes gréisstendeels steierfräi sinn (qualifizéiert an onqualifizéiert Mindestloun solle komplett steierfräi sinn) an, datt d'Steierlaascht op d'Mëttelakommes manner séier klëmmt. Esou gett d'Nettoakommes vum Mindestloun gehuewen, ouni awer de Patronat weider ze belaaschten.

7. **Wéi steet Är Partei dozou dat duerch de Projet de Loi 8040 zukünfteg Handwierker d'Primm fir d'Meescherkaart net méi ausbezuelt kréien?**

Mir bekennen eis zu engem fairen Traitement, dofir sti mir och hannert dem Accord salarial vun 2022, mat deem d'Primm fir de Meeschterbréif de 1. Juli 2023 agefouert ginn ass.

Mir schleissen eis enger ganzer Partie Kritiken un, dei am Avis vun der CHFEP geäusstert goufen. Mir halen et fir kontraprodutkiv des Prime ofzeschafen.

8. **Ass Är Partei der Meenung, dass all Agente mat enger Meeschterkaart beim Staat solle gläich behandelt ginn?**

D'LSAP steet fir eng gläichberechtegt Behandlung.

Jo

9. **Sollt är Partei no de Walen an der Verantwortung sinn, haalt Dir um Projet de Loi 8040 fest?**

Mir wäerten eis och an Zukunft dofir asetzen, dass d'Karriären an der Fonction publique harmoniséiert ginn. Mir stinn zum Accord salarial vum 4. Mäerz 2021, deen fir d'Harmonséierung vun de Karriären steet.

Mir sinn gewëllt den Projet de loi nach eng Kéier op de Leescht ze huelen.

10. **Géif Är Partei sech engagéiere fir beim Staat an der nächster Legislaturperiode méi Plazen fir Handwierker mat Meeschterprüfung am B1 ze schaafen wéi bis elo?**

D'LSAP ass iwwerzeegt, datt d'Beruffsausbildung generell muss opgewäert ginn. Se ass bereet fir mat allen concernéierten Acteuren iwwert eng Upassung vun den Ufuerderungen an de Zertifikatiounen an deenen eenzele Formatiounen ze diskutéieren.

Wann dee Besoin besteet, jo.

11. **Sollen d'Handwierker mat Meeschterkaart ëmklasséiert ginn an de B1?**

D'LSAP ass iwwerzeegt, datt d'Beruffsausbildung generell muss opgewäert ginn. Se ass bereet fir mat allen concernéierten Acteuren iwwert eng Upassung vun den Ufuerderungen an de Zertifikatiounen an deenen eenzele Formatiounen ze diskutéieren.

All Handwierker matt Meeschterkaart soll fir de B1-Exame beim Staat zougelooss ginn an esou d'Méiglechkeet kréien, an dëser Karriäre ze schaffen

12. **Ass Är Partei der Meenung, dass Handwierker weider ënnert dem Statut vum Fonctionnaire beim Staat agestallt ginn?**

D'LSAP steet enger Fonctionnaliséierung vum Handwierker oppe géigeniwwer.

Jo.

13. **Ass Är Partei oppen fir e reegelméissegen Dialog iwwert d'Zukunft vum Handwierk mat der AAT an hirer Daachorganisatioun der CGFP?**

Den Austausch mam Handwierk a natierlech mat de Gewerkschaften ass der LSAP wichteg.

Jo